

Une voix.- Hätt Der se nëmme gëschter bruecht, do hate mer gutt Zäit!

M. le Président.- Ech kéint mer virstellen - d'Membre vum Conseil de l'Europe si jo och Membre vun eiser Chamber -, dass déi jiddefalls do hire Mann scho wäerte stellen, an dat virbréngen, wat mir mengen, dass richteg ass. Musse mer dofir nach extra ofstëmmen? Se sëtzen heibannen dobäi, se héieren, wat do gesot ass ginn.

M. Gast Gibéryen (ADR)- Ech mengen awer, et ass trotzdeem schonn eng wichteg Saach, an dofir géif ech mengen, wann déi Leit eis hei eng Satisfactioun géife ginn, andeem datt se soen, datt se an deem Sënn intervenéiere géifen, geet dat duer, soss wier ech der Meenung, datt et vläicht och fir si besser wier, wann d'Parlament hei eng Resolutioun huele géif, wou et kloer seet, dass Lëtzebuergesch eng Nationalsprooch ass, a keen Dialekt an och keng regional Sprooch.

(Interruptions)

Jo, mir géifen awer gäre wëssen, ob eis Verrieder d'nächst Woch am Conseil de l'Europe deem Rapport zoustëmmen oder net. Dat schéngt eis awer wichteg ze sinn.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Also, déi Resolutioun - et huet jo nach keen deen Text gesinn - gëtt elo ofgezunn a verdeelt, dass jiddfer ee Kenntnis dovunner kann huelen. Da kënnen d'Deputéierte sech concertéieren, an da komme mer dorobber zrëck.

Une voix.- Très bien!

Résolution

La Chambre des Députés

- *considérant le rapport sur la protection des minorités en Belgique de la Commission des questions juridiques et des droits de l'Homme de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe du 25 mars 2002 (Doc. 9395);*
- *considérant que le prédit rapport retient dans son exposé des motifs, sous le point E, article 40: "qu'il ne m'appartient pas de déterminer si le wallon et le luxembourgeois sont des langues régionales ou des dialectes, même si je pencherais plutôt pour la première hypothèse. Toutefois, comme je souscris aux arguments de la Commission de Venise, je ne considérerais pas les locuteurs du wallon et les luxembourgeois comme des minorités au sens de la Convention-cadre pour la protection des minorités nationales. Le Conseil de l'Europe dispose cependant d'un instrument juridique qui pourrait garantir une protection adéquate à ces communautés: la Charte des langues régionales ou minoritaires.";*
- *considérant que ces constatations sont erronées alors que la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues*

stipule dans son article 1^{er}: "La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois.";

- *considérant que l'adoption du rapport par l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe est prévue pour le 24 avril;*

décide

- *d'insister dans l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe que le luxembourgeois est une langue nationale et qu'elle ne tombe point dans le champ d'application de la Charte européenne des langues régionales ou minoritaires;*
- *d'intervenir au sein de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe et de ne pas voter le rapport cité dans sa forme actuelle.*

(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombero, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.

M. le Président.- Domadder wier dee Punkt fir de Moment ofgehaakt. Mir kéimen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4905, een Ofkommen iwwert d'Sozialversicherung tëschent Lëtzebuerg a Kroatien. Et si bis elo schonn ageschriwwen: déi Hären Di Bartolomeo, Colombero, Bausch a Bisdorff. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Niki Bettendorf.

3. Projet de loi 4905 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Croatie sur la sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 17 mai 2001

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Niki Bettendorf (DP), rapporteur.- Här President, an deem Projet de loi 4905 geet et ëm d'Konventioun, déi tësche Lëtzebuerg a Kroatien ofgeschloss ginn ass, an de 17. Mee 2001 och ënnerschriwwen ginn ass. Dës Konventioun bezitt sech op d'Sécurité sociale. An der Remarque préliminaire steet eppes, wat a priori komesch schéngt: De Projet de loi ass den 18. Januar 2002 deposéiert ginn, an de Conseil d'Etat huet schons den 21. Dezember 2001 säin Avis ginn. Dat ass awer esou! Dir gesidd, wéi eis héich Kierperschaft, de Conseil d'Etat esou schnell schaffe kann.

Den Objet vum Gesetz ass dee folgenden: Lëtzebuerg hat eng Konventioun mat der fréierer jugoslawescher Republik zënter dem 13. Oktober 1954, et geet lo drëms, dës Konventioun ze ersetzen duerch méi e modernt an adequat Instrument. Hei ginn d'Rechter vun de Leit garantéiert, déi an deem engen oder an deem anere Land successiv oder alternativ der jeeweileger Gesetzgebung ënnerleien. Mir hu schons eng Rei vun esou Konventiounen approvéiert, déi alleguer op dem

Règlement communautaire 1408/71 baséieren. Et geet ëm d'Sécherheet a puncto Sécurité sociale fir d'Aarbechter, déi tëschent verschiddene Länner migréieren - iwwersat: pendelen oder wandelen, tëschent deem engen oder anere Land. Geregelt ginn d'Assurance maladie, d'Assurance maternité, d'Assurance d'accident, d'Pensiounsgesetzgebung betreffend d'Alterspensioun, d'Invalidenspensioun an och d'Rent fir d'Survivanten. Ënnert d'Konventioun falen och de Chômage, d'Chômageregulungen an d'Prestations familiales. Ausgeschloss vun der Konventioun sinn d'Assistance sociale, wat mer fréier hei zu Lëtzebuerg den Aarmebüro genannt hunn, an d'Prestatiounen fir d'Krichsaffer, fir d'Victimes de guerre.

All Leit sinn hei concernéiert. Et gëtt keng Distinction gemaach, wat d'Nationalitéit ubelaangt, an dat ënnerscheed eis Konventioun vum Règlement communautaire, deem effektiv op Nationalitéiten opgebaut huet - d'Nationalitéit vum Arbeitnehmer. Als Beispill kéint ee soen, dass en Däitschen, e Fransous, e Belsch oder en Amerikaner, dee bei eiser Sécurité sociale verséichert ass, a Kroatien, wann en dohinne schaffen geet, vun där Konventioun betraff ass. Abegraff sinn an deem Projet de loi och d'Familljemembren an hir Survivanten. An engem zweeten Deel vun der Konventioun gëtt geregelt, wat fir eng Gesetzgebung vun deenen zwee Länner applikabel ass: Am Normalfall ass et dat Land, wou den Arbeitgeber schafft. Fir d'Matrouse gëllt de Pavillon maritime.

D'Konventioun viséiert niewent dem Arbeitnehmer och d'Indépendanten. D'Aarbechter, déi détachéiert ginn, limitéiert an der Zäit, bleiwen der Législatioun vum Land ënnerworfen, wou se normalerweis schaffen.

Am Transportwiesen gëtt et och eng Dérogatioun. D'Législatioun, déi applikabel ass, ass déi vun deem Land, wou d'Firma hire Sëtz huet. Ech mengen, ech brauch hei net extra ze ënnersträichen, wéi wichteg just dës Dispositioun ass. Als Beispill kéint een dat rezent Beispill Kralowetz zitieren. Wann en Transporteur säi Sëtz zu Lëtzebuerg huet, an e beschäftegt Chaufferen aus Länner, mat deene mir esou eng Konventioun hu wéi déi, déi mer haut hei wäerte stëmmen, da falen déi ënnert ons Bestëmmungen vun der Sécurité sociale. Mir konnte feststellen, wéi schlecht d'Chauffere vun Transporteuren do stinn, wa se aus Länner kommen, mat deene mir keng esou eng Konventioun wéi déi, déi mer haut stëmmen, ofgeschloss hunn. Ech wëll heimat net weider an aner Detailler vun der Konventioun agoen; et ass déiselwecht Konventioun, déi mer an de leschte Méint schonn e puer mol hei gestëmmt hunn. Déi lescht Punkte sinn total identesch mat deenen, déi mer schonn hei kennen. De Conseil d'Etat hat keng Objection ze maachen, wat dës Konventioun ubelaangt. Ech mengen, mir wäerten hei och keng Schwierigkeiten hunn, fir dës Konventioun hei ze stëmmen. Fir Zäit ze

gewannen - mir hunn haut e ganz chargéierten Ordre du jour - wëll ech zu gläicher Zäit och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu deem Projet de loi bréngen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem de Rapporteur op eng ganz kloer Aart a Weis den Inhalt vun där Konventioun hei virstelle konnt, bleift mir näischt anescht es iwwreg, wéi den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet ze bréngen. Merci!

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Marcel Glesener freet d'Wuert.

M. Marcel Glesener (CSV).- Här President, am Numm vu menger Fraktioun ginn ech selbstverständlech och den Accord.

M. le Président.- Als nächsten ass den Här Colombero agedroen.

M. Jean Colombero (ADR).- Merci, Här Bettendorf, fir dëse Rapport. Mir hu keng Schwierigkeiten, fir dëse Rapport unzuerkennen a mir wäerten dofir stëmmen. Merci!

M. le Président.- Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Am Numm an am Plaz vum Här François Bausch wëll ech dann och den Accord vun där grénger Fraktioun hei bréngen.

(Interruptions)

M. le Président.- Elo huet dann den Här Gesondheitsminister d'Wuert.

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an Uebetruecht vum excellente Rapport vum Rapporteur, dem Här Bettendorf, a vu dass deen heite Projet de loi jo effektiv, sou wéi en et gesot huet, bal - kann ee soen - eng Convention standard ass, dat heescht, dass déi üblich Formule-de-coordinationen geholl gi sinn, wéi dat an ähnleche Konventiounen och de Fall ass, hätt ech deem näischt bäizefügen. Merci!

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4905 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel unique ass gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4905.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 55 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da kéime mer lo zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 4655, eng Ofännerung vum Code des assurances sociales. Et si schonn agedroen: déi Hären Halsdorf, Di Bartolomeo, Schroell, Colombero, Huss, Bisdorff a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alexandre Krieps.

4. Projet de loi 4655 portant introduction d'une liste positive des médicaments pris en charge par l'assurance maladie et modifiant le Code des assurances sociales

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Alexandre Krieps (DP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, bei deem virleiende Projet de loi 4655 geet et drëm, eng europäesch Direktiv, déi d'Nummer 89/105/CEE dréit vum 21. Dezember 1988, vollstänneg an eis national Gesetzgebung ëmzesetzen.

Déi éischt fënnef Artikele vun där Direktiv behandelen d'Transparenz vun der Festsetzung vun de Medikamentepreisser. Déi sinn awer net an dësem Objet dobäi. Gelungenerweis ware mir fir den ekonomesche Volet e Schrack viraus, well déi nämlecht Remarque, déi den Niki Bettendorf elo grad gemaach huet, trëfft hei och zou, well et ass den 13. Dezember 1988 e Règlement grand-ducal geholl ginn, wou d'Direktiv eréischt vum 21. Dezember 1988 hierkënnt. Am Fong hätt déi ganz Direktiv misse bis den 31. Dezember 1989 ëmgesat sinn. An haut, also bal 13 Joer dono, kënnt natierlech ee sech d'Fro stellen, ob ee bei der Nei-Oplag vum Krankenkeesegesetz déi Ännerungen 1992 net hätt kënne virhuelen.

Hei muss een, als Rapporteur vun dësem Gesetz, eng Klammer opmaachen an dat onverschimmt Behuele vun der Pharnalobby vis-à-vis vum Gesetzgeber uprangeren.

Bettendorfs Niki als President vun der Santéskommission, an ech selwer als Rapporteur, kruten eemol captatio benevolentiae geschéckt an heiansdo och esou Drohungen ausgesprach, an ech gleefen och, dass jiddferee seng Intérète verteidege soll, kann an dierf, mä et soll een net op engem onhéiflechen Toun verschidden Intimidatiounen ausdrécken. Dat gesot, wollt ech drun erënneren, dass dëst Gesetz de 6. Abrëll 2000 vum Minister Carlo Wagner hei an der Chamber déposéiert ginn ass, an dass bis den 21. Mäerz 2001 all d'Avise vun de Chambres professionnelles a vum Collège médical era waren. Dem Conseil d'Etat säin Avis koum den 11. November 2001. Dësen Avis hat ënner anerem eng Opposition formelle ausgeschwat, mir kommen herno dorop zrëck.

Den Objet vun dësem Gesetz ass haaptsächlech, fir eng sou genannte positiv Lëscht vu Medikamenten opzestellen an dann déi Medikamenten an de Remboursement vun der Krankekeess eranzehuelen oder kënnen ze huelen, net ouni dass déi opgeholle Medikamenten geneeë Critèren entspreche mussen. Bis elo war et jo esou, dass déi Critèren an de Statute vum Code des assurances sociales, Artikel 17 an 23, festgeluegt waren an d'Krankekeess och den Taux de remboursement bestëmmt huet no Récksprouch entre autres mam Contrôle médical, dee jo - ech erënneren drun - onofhängeg vun der Union des caisses de maladie ass.

Bewegung an dës Prozedur ass komm, wéi no Ufro vun der Inspection générale de la sécurité sociale duerch e Bréif vum 13. November 2001 un d'Union des caisses de maladie, fir hir Observatiounen iwwert dem Statsrot säin Avis ze kréien, eng zimlech defteg an enttäuscht Reaktioun vun der Krankekeess an engem Bréif vum 21. Dezember 2001 komm ass.

Wat hunn de Collège médical an d'Chambres professionnelles gesot? Ausser e puer punktuelle Remarque ware si mat dem initiale Projet d'accord, ausser d'Aarbechterkummer, déi en negativen Avis zum initiale